N° 8124
Entrée le 04.07.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 04.07.2023

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Juli 2023

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Am "tageblatt" vum 3.3.2023 seet d'Madamm Sylvie Kerger, Dozentin fir pedagogesch Psychologie op der Universitéit Lëtzebuerg, iwwert d'Genderen: *„Ich glaube schon, dass es so eine Art 'Ansteckungseffekt' gibt. Es gibt mittlerweile viele Dozenten auf unserer Uni, die das Gendern verlangen."* An iwwert d'Situatioun an Däitschland: *„Auf deren Unis hat sich das Gendern schon durchgesetzt. Es werden eigentlich keine Arbeiten mehr angenommen, wenn sie nicht gegendert sind."*

An deem Zesummenhang hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Kann den Här Minister bestätegen, dass et Dozenten op der Universitéit Lëtzebuerg ginn, déi d'Gendere verlaangen? Ass deemno déi normal klassesch Sprooch bei verschiddenen Dozente verbueden? Wa jo, wéi gëtt dëst de Studente kommunizéiert?
2) Wéi reagéiert d'Féierung vun der Universitéit op esou Zwäng, respektiv Verbueter?
3) Wat fir Konsequenze riskéiert e Student op der Universitéit Lëtzebuerg, wann en net gendert, am Fall, wou den Dozent dat verlaangt?
4) Wéi kann e Student, deen zum Gendere gezwongen ass, sech dogéint wieren, respektiv wou kann hie sech beschwéieren?
5) Wéi steet den Här Minister zu esou engem, laut der Madamm Kerger, "Genderzwang" op der Uni?
6) Ass den Här Minister der Meenung, dass Aarbechten, déi net an der Gendersprooch sinn, vun der Uni mussen ugeholl ginn?
7) Ass den Här Minister der Meenung, dass Studenten, déi bei enger Aarbecht op Gendersprooch verzichten, diskriminéiert kënne ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten